



Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Waibau a ländlech Entwécklung a vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°8207 vum 4. August 2023 vum éierewäerten Deputéierten Här Marc Goergen iwwert d'Verréngerung vun lessensverschwendung

1. Wéi héisch war d'Liewensmüttelverschwendung 2018 (a kg pro Kapp)?

Am Joer 2018 haten d'Privatstéit 94,9 kg Liewensmütteloffäll pro Kapp produzéiert.

D'Zuel vun 88,5 kg, déi um Landwirtschaftsportal genannt gëtt, bezitt sech och op d'Joer 2018. Dës Zuel gouf an enger Etude ermëttelt, déi vun der Ëmweltverwaltung beoptraagt gouf: https://environnement.public.lu/fr/offall-ressourcen/types-de-dechets/Biodechets/Gaspillage_alimentaire/Etudes_et_resultats.html. D'Berechnungsmethod ass hei awer liicht ënnerschiddlech wéi bei der offizieller Berechnung fir d'Soumissioun un Eurostat.

2. Wéi héisch ass d'Liewensmüttelverschwendung haut (a kg pro Kapp)?

Déi aktuellsten Zuele bezéien sech op d'Joer 2021. Am Joer 2021 haten d'Privatstéit 73,6 kg Liewensmütteloffäll pro Kapp produzéiert.

3. Wéi vill ass d'Liewensmüttelverschwendung bis elo erofgaangen (an % an an absolutten Zuelen)?

D'Liewensmütteloffäll vun de Privatstéit sinn tëschent 2018 an 2021 ëm 0.415 t erofgaangen, wat ronn 18% ausmécht.

4. Wéi vill Prozent vun den lessensoffäll ginn a Bio-Gas-Anlage verschafft?

Enger grober Schätzung no kann ee soen, datt bal 50 % separat agesammelt an an enger Biogas- oder Kompostanlage verschafft goufen. Dës Zuel beinhalt och den Eegekompost.

5. Wéi vill Prozent vun den lessensreschter zu Lëtzebuerg goufe vu Stéit produzéiert? Wéi vill vun aneren Acteuren (Eenzelhandel, Restauratioun)?

2021 goufe folgend Liewensmütteloffäll produzéiert: 46.727 t (56%) vun de Privatstéit, 8.861 t (11%) vum Eenzelhandel, 9.466 t (11%) vun der Restauratioun an 11.333 t (13%) vun der Industrie. Zousätzlech sinn nach 7.235 t (9%) an der Primärproduktioun ugefall.

Lëtzebuerg, den 25. September 2023
De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN